N° 5343
Reçue le 22.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5343 vum 3. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Den honorabelen Deputéierte stellt sech Froen iwwert d'Campagne "Déi schéin Aktioun".

Dës Campagne ass generell op de géigesäitege Respekt op der Strooss mateneen ausgeluecht. D'Ziel vun der Campagne ass et net fir eng Persoun ze beschëllegen. Au contraire. D'Leit sollen dozou ugereecht gi fir am Verkéier een op deen aneren duerch Wäitsiicht a Respekt opzepassen. Dofir sinn hei am Stil vun enger Kommentar vun enger Sportsveranstaltung verschidden Zeenen nogestallt déi kommentéiert ginn, wou en Accident oder eng geféierlech Situatioun eben duerch de richtege Geste ka verhënnert ginn.

Wat den Zäitpunkt vun de Campagnen ugeet, esou mussen dës ëmmer mat engem gewësse Virlaf geplangt ginn, well se net mat anere Campagne sech iwwerschneide sollen (z.B. mussen d'Panneaue laanscht d'Stroosse fräi sinn) an déi néideg Kapazitéite bei de Social Media, dem Radio an der Télé mussen am Viraus gebucht ginn. En Datum wéini eng Campagne leeft gëtt also schonn 1-2 Méint am Viraus festgeluecht.

Nodeems du Sujet an den Inhalt vun der Campagne festgeluecht gi waren, goufen 3 verschidden Agence mam ausschaffe vu Konzepter beoptraagt. Um Ënn ass de Pitch vun der Agence de Communication et de Marketing WILI fir déi nei Campagne zeréck behale ginn.

De Käschtepunkt vun dëser Campagne chiffréiert sech op 185.471 Euro. Dovunner 87.205 Euro fir d'Kreatioun an d'Realisatioun vun de 7 Spotten an 98.266 Euro fir Diffusioun op de Medien an op Social Media. La Sécurité Routière a.s.b.l. huet sech mat 23.560 Euro un dëser Campagne bedeelegt, esou datt sech de Gesamtkäschtepunkt fir de Staatsbudget op 161.911 Euro chiffréiert.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2021

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch